



An et ass richteg, et ass net némmen ... D'Lokalmee die mussen net onbedéngt Communitymedie sinn, natierlech. Ech hunn d'Beispill vu Radio ARA geholl, well dat plakativ ass an esou weider, mee natierlech, et kann égal wat fir e Support sinn. Et ka Radio sinn. Et kann eppes aneres sinn. Dofir kann een dat jo och justement net op DAB+ reduzéieren, well justement e Gemeinschaftsmedium net onbedéngt e Radio ass.

Duerno, d'Argument awer, dat ech vun der Majoritéit, vun der DP net esou richteg verstinn, dat ass, datt en neit Gesetz géif Duerjernee bréngen. Well actuellement, da soe mer: „O, elo maache mer e Gesetz fir d'Minimis“, wat net onbedéngt direkt eppes domadder ze dinn huet. „Elo si mer amgaangen, och ze kucke mat DAB+. An da kucke mer och nach, eng Konventioune mat deem engen ze maachen an eng Konventioune mat deem aneren ze maachen et cetera, et cetera.“ Also, actuellement hu mer en Duerjerneen. An duerch esou e Gesetz kéinten all déi Saachen – oder gewësse Saachen, zum Beispill d'Konventiounen – ewechfalen, well d'Konditiounen kloer wiere fir jidderee. An da kéinten och d'Beamten am Medienministère sech op aner Saache konzentréieren, wéi reegelméisseg alkéiers Konventioune mat engem Medium ze verhandelen.

Wann de Medium Chance huet, sëtzt en engem Minister géintenniwer, deen et gutt mengt. Wann e manner Chance huet, vläicht engem Minister, deen et manner gutt mengt. Dat ass jo och de Problem vun de Konventiounen. Ech mengen, elo huet e warscheinlech Chance, émmerhin. Mee ech mengen, et wier vill méi propper, wa mer e Gesetz hätten.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Wagner. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir können elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 25 Jo-Stëmme géint 34 Nee-Stëmme bei kenger Abstentioun ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 25 voix pour et 35 voix contre.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Djuna Bernard) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard (par M. Meris Sehovic), M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel.

11. 8434 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles

Mir kommen elo zum Projet de loi 8434 iwwert d'Émsetze vun enger europäischer Direktiv iwwert d'Aktualisierung vun de Mindestfuerderunge fir d'Formatioun vun de Krankefleeger, den Zänndokteren an den Apdikter. Ech erënneren Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat“ ass. An d'Wuert huet elo de Reporter vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gérard Schockmel. Här Schockmel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Digitalisation

M. Gérard Schockmel (DP), rapporteur | Här President, leif Kolleginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 8434 geet et ém d'Émsetzung vun enger europäischer Direktiv. Dës Direktiv soll d'Mindestfuerderungen an der Ausbildung vum Infirmier an der allgemenger Gesondheetsfleeg, vum Zänndokter a vum Apdikter upassen, fir engersäits de wëssenschaftlechen an technesche Fortschrëtter Rechnung ze droen an anersäits d'Krittäre bei der Ausbildung an dëse Beräicher um europäischen Niveau ze harmoniséieren.

Duerch dës Harmonisierung können Absolvente vun dëse Formatiounen vun enger automatescher Unerkennung vun hirem Diplom an der ganzer Europäischer Unioun profitéieren, wat virun allem d'Mobilitéit vun de Fachleit weesentlech wäert vereinfachen an énnerstëtzen.

D'Upassunge baséieren op enger émfangräicher Evaluatioun vun Daten, déi duerch dräi Studien op nationalem an europäeschem Niveau gesammelt goufen. Dës Studien hu sech op verschidden Aspekter konzentréiert, énner anerem d'wëssenschaftlech an technesch Fortschrëtter an de genannte Beräuffer, d'Programmer an d'Inhalter vun der Ausbildung souwéi d'Fäegkeeten an d'Kenntnisser, déi iwwert déi aktuell Mindestfuerderungen erausginn. D'Konklusiounen vun dëser Evaluatioun hu gewisen, datt Adaptatiounen vum Gesetz néideg sinn, fir den aktuelle Besoinen an de beträffene Beräuffer besser nozekommen.

Den direkten Impakt hei zu Lëtzebuerg wäert allerdéngs geréng ausfalen, well zu Lëtzebuerg aktuell némmen d'Formatioun als Infirmier ugebueder gëtt an déi meescht vun den neien Elementer, déi an der genannter Direktiv virgesi sinn, schonn an de Léierpläng vun den Institutionen, déi dës Formatiounen ubidden, enthalte sinn. Domat wäert d'Unhuele vum Gesetzesprojet also keng grondsätzlech Ännereunge vun den aktuelle Programmer mat sech bréngen.

Ofschléissend sief nach gesot, datt d'Transposition vun dëser Direktiv bis de 4. Mäerz 2026 muss ofgeschloss sinn, fir dass Lëtzebuerg seng europäesch Engagementer respektéiert, fir an de beträffene Beräuffer eng modern a kompetitiv Ausbildung ze garantéieren.

Zu dësem Gesetzesprojet gouf et fénnef Avisen. De Staatsrot huet keng Observatiounen formuléiert, ge-nausou wéi d'Chambre des Salariés an de Conseil supérieur de certaines professions de santé. De Collège médical an d'Chambre de Commerce begréissen dëse

Schrëtt an énnersträichen nach eng Kéier d'Wichtegkeet vun enger Mise à jour vun de Mindestfuerderunge vun der Ausbildung fir déi genannte Beräuffer, ganz speziell an engem Kontext, dee vun enger Peurie vun qualifizéiertem Personal an dësem Domän markéiert ass.

Iwwregens gouf dëse Projet deponéiert den 2. August 2024 an de 25. Mäerz huet d'Kommissioun den aktuelle Rapport ugeholl.

Fir all weider Detailer verweisen ech op de schrifteleche Rapport a ginn heimat den Accord vu menger Fraktiouen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci dem Här Reporter Gérard Schockmel.

D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Stéphanie Obertin, Ministre de la Recherche et de l'Enseignement supérieur | Merci, Här President. Ech mengen, den Här Schockmel war scho ganz komplett a senger Ausso, an ech wollt Merci soe fir Å Zoustëmmung.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Madam Obertin.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8434. Den Text stéet am Document parlementaire 8434⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8434 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. Mir kommen dann zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass bei kenger Abstentioun a kenger Nee-Stëmm mat 60 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Laurent Mosar), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard (par M. Meris Sehovic), M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.